Partner vun:

# FORMATIOUN:

## Pädagogesch(e) Begleeder-in fir Kanner an der Natur

D’Entwécklung ass iwwert d‘Jooren dohi gaangen, dass ëmmer méi Kanner de gréissten Deel vun hirer Zäit dobanne verbréngen. Den Openthalt an der Natur, d’Erliewe vum Joreszäitenrhythmus, d'Kenneléiere vun der Déieren- a Planzewelt, d'Spille mat Naturmaterial, sinn nëmmen e puer Elementer déi am Alldag vun de Kanner keng fest Platz méi hunn. An engem Raum ouni Mauere fanne mir bei de Kanner Eegenschaften, wéi léieren duerch selwer maachen, experimentéieren, entdecken, kreativ sinn, sech trauen, vertrauen, ëmmer manner erëm.



An der Ausbildung zur pädagogescher Begleedung am Bildungs- a Leierraum Natur léiert Dir unhand vun eegenen Erfarungen déi belieften eenheemech Natur, d'Déieren, d'Planzen- a Waasserwelt an de 4 Joreszäite kennen. Mir sichen an entdecke gëeegent Plazen a Weeër fir Projet’en an der Natur an am Bësch, Natur- a Bëschdeeg, Bëschwochen, Bëschgruppen, wou d’Erobere vum Bësch an d‘Spillen an der Natur fir Kanner méiglech wier. Naturmaterial léiere mir kennen a notzen, fir fräi ze spillen an a gezielten Aktivitéite kreativ ze verschaffen. Déi eegen Naturerfarunge kombinéiert mat theoreteschen Inhalter zur Organisatioun, dem rechtleche Kader an der Implementéierung vum Thema am eegene Konzept, sollen Iech zu engem qualifizéierte Begleeder an der Aarbecht mat Kanner am Naturraum maachen. Zil soll sinn, d'Natur als Startkapital ze notzen an als professionell Begleedung d’Kanner am fräie Spill ze beobachten an hinnen geziilt an altersgerecht Offeren am Erliefnisraum Natur ubidden ze kënnen.




**SPROOCH:** Lëtzebuergesch, Däitsch

**UERT:** Beaufort, Remerschen, Norden vu Lëtzebuerg

**DAUER:** 120 Stonnen (6 Weekender)

**DATUMER:**

| | |
|---|---|
| 23. – 25. September 2022 | (Freides 17:00 – Sonndes 15:00) |
| 11. – 13. November 2022 | (Freides 17:00 – Sonndes 15:00) |
| 03. – 05. Februar 2023 | (Freides 17:00 – Sonndes 15:00) |
| 24. – 26. März 2023 | (Freides 17:00 – Sonndes 15:00) |
| 05. – 07. Mee 2023 | (Freides 17:00 – Sonndes 15:00) |
| 09. – 11. Juni 2023 | (Freides 17:00 – Sonndes 15:00) |



Ersatzdatum falls ee W-E géif ausfaalen: 30. Juni – 02. Juli 2023

**INHALTER:**

- Grondlagen vun der Naturpädagogik (Geschicht)
- Grondlagen vun der Naturkunde / Ökologie (Planzen, Beem, Déieren, Gewässer, Steng)
- Grondwëssen fir pädagogesch Aarbecht am Bësch (Virbereedung, Organisatioun, Equipement, Wieder)
- D'Roll vun der pädagogescher Begleedung
- Virschrëften, Geforen, Grenzen fir d'Aarbecht am Bësch
- Wäertevermëttlung / Nohaltegkeet
- Praxis vun der bëschpädagogescher Aarbecht / naturpädagogesch Methoden
- Kanner ënner 4 Joer am Bësch
- Bëschpädagogesch Aarbecht am Bezuch zum „Rahmenplan vun der Non-Formaler Bildung“ an Konzeptaarbecht
- Ënnerschiddlech Konzepter vun der bëschpädagogescher Aarbecht
- Kooperatioun an Partner an a bei der bëschpädagogescher Aarbecht
- Feierkichen
- Ritualer / Geschichten / Fester am Joreszäitenrhythmus
- Philosophéieren mat Kanner
- Uechtsamkeet / Rou a Réckzuch



**METHODIK:**

- Léieren duerch eegen Erfarungen
- Dem Alter an der Entwécklung ugepassten Methodik
- Naturpädagogesch Aktivitéiten
- Wahrnehmungsschoulung
- Kreatiivt Schaffen
- Praxisbezunn Theorie
- d'Natur als Bildungsuert
- Portfolio als Léierinstrument
- Naturpädagogesch Offeren



**ZIELGRUPP:** Dës Weiderbildung riicht sech u Persounen am erzéiereschen an schoulesche Beräich, souwéi Dageselteren an Persounen dei sech op d'Aarbecht mat Kanner an der Natur virbereeden oder interesséiert Mënschen déi gären Zäit mat Kanner an der Natur verbréngen

**VIRAUSSETZUNGEN:** Et brauch een am Virfeld keng speziell Viraussetzungen oder Ausbildung. Et soll ee kierperlech fit genuch sinn fir ee normalen Tréppeltour matzegoen. Et soll ee bereet sinn fir bei all Wieder erauszegoen a sech an ee Grupp ze integréieren wëssen.

**FORMATEUREN:** D'**Isabelle Leuchter** ass Haaptresponsabel fir de Programm. Hatt huet enorm vill Erfahrung an der Aarbecht mat Kanner an der Natur an hält säit ville Joren Formatiounen zu deem Thema. Eng Partie extern Leit waerten hatt pionktuell ënnerstëtzen.




D'**Brigitta Blinkert** ass ee Weekend mat derbai a waert eis ustiechen mat sénger Leidenschaft!

**PRÄISS:** 1.900,- € (Weiderbildung, Iwwer-nuechtung, Verfleegung)
Ab Januar ass en éischten Akont fälleg. Duerno kann een alles bei eneen oder per Mount bezuelen.

**EQUIPEMENT:** Mir schlofen zum groussen Deel a Jugendherbergen. Fir de Rescht brauch een och naischt spezielles.

**OOFSCHLOSS:** Pädagogesch(e) Begleeder(in) fir Kanner an der Natur - Fachkraaft fir d'Aarbëscht mat Kanner an der Natur

Um Schluss vun der Formatioun ass keen Examen, mee et muss een natiirleech regelméisseg op der Formatioun derbäi gewiescht sinn, an et gëtt een och gefrot fir en Portfolio an eng kleng Présentatioun vun enger naturpädagogescher Aktivitéit ze man.

**UNERKENNUNG/VALIDATIOUN:** Wann dir et vun Enfance Jeunesse oder vum IFEN unerkannt wëllt kréien, dann mellt iech beim Claude Fries (claude.fries@otium.lu)



## Aer Formatrice



> Ein Kind ist kein Gefäß, das gefüllt,
> sondern ein Feuer, das entzündet werden will.
>
> François Rabelais

| | |
|---|---|
| Numm : | Isabelle Leuchter |
| Joërgang : | 1978 |
| Famill : | Bestuet a Mamm vun 2 Kanner |
| Hobbyen: | - Bitzen, Strécken, Häkelen<br>- Guitar<br>- Feierkichen<br>- Online-Store (www.adventurestore.lu) |
| Ausbildung: | - Educatrice diplômée (IEES)<br>- Facherzieherin für Natur- und Waldpädagogik (Naturschule Freiburg)<br>- Naturpädagogin (Naturschule Deutschland)<br>- Wildnispädagogin an Ausbildung (Wildnis.lu) |
| Beruff: | Erzéierin an der Bëschcrèche |
| Nieweberufflech: | Säit ville Joren Formatrice an de Beräicher Kanner, Ëmwelt a Natur. |

Den alldeeglechen Openthalt dobaussen an der Natur sou wéi de Bësch am Wandel vun de Joreszäiten ganz bewosst an intensiv am Alldag erliewen, dat dierfen d'Kanner an hir Begleeder als Privileeg gesinn. Den Bildungsraum Natur bitt de Kanner eng grouss Palette vun allem wat si fir eng ganzheetlech a gesond Entwécklung brauchen. Fir mech ass et eng grouss Freed, d'Kanner am Alldag dierfen ze begleeden, un hiren Entwécklungsprozesser kënnen deelzehuelen an si bei hiren Naturerfahrungen ze beobachten. Kanner beim Groussgin an der Natur ze begleeden huet sech zu enger Passioun entwéckelt déi ech ganz gären mat aneren Mënschen deelen, se fuerwetzeg maachen an mat hinnen zesummen erliewen wei d'Natur als Startkapital am Alldag oder ponktuell kann genotzt gi.